LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 14 JUIN 2018

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82840
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 JUIN 2018

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37.724.18

Objet : Question parlementaire n°3814

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Vice-Premier Ministre,
Ministre de la Défense,

Étienne SCHNEIDER

Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question No 3814 du 14 mai 2018 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

Zur 1. Fro:

De Fuerpark an d'Equipementer déi d'Arméi huet, setze sech aus Ween a Material zesummen, déi eng ënnerschiddlech Unzuel vun Déngschtjoren erof hunn. Déi Equipementer sinn awer operationell an asazfäeg, wann een elo vun deenen Ausfäll ofgesäit, déi wéinst logistesche Grënn onëmgänglech sinn (Astandsetzen, periodeschen Ënnerhalt, Feele vun Ersatzstécker, asw.)
Déi verschidde Gamme vu Ween an Equipementer erméiglechen der Arméi, den Asaz vum Material de spezifeschen Ufuerderunge vun de jeeweilege Missiounen an/oder eise Partner an dësen Missiounen entspriechend unzepassen.
Esou huet sech duerch operationell Consideratiounen erginn, dass de Reconnaissance-Peloton deen un der Missioun eFP (*Enhanced Forward Presence*) vu September bis Dezember 2018 a Litauen deelhëlt, mat gepanzerten HUMMER-Jeepen deployéiert.
Mir sinn desweideren am éischten Semester 2018 am EUBG (*EU Battlegroup*) a vu Januar 2019 un an der VJTF (*Very High Readiness Joint Task Force*) am Stand-by. A béide Fäll sinn dobäi Reconnaissance-Contingenten vun der Lëtzebuerger Arméi engagéiert, déi mat PRV (Protected Reconnaisance Vehicle), alias DINGO, ausgerëscht sinn. D'Zréckgräifen op den DINGO erméiglecht et, fir an deene verschiddenen operationelle Kontexter wärend engem EUBG- oder VJTF-Deploiement optimal equipéiert ze sinn. An deem Kader ass och ze erwänen dass mer fir eist VJTF-Engagement veschidde nei Acquisitiounen gemaach hu fir bestoend Equipementer ze vervollstännegen oder ze erneieren.

Zur 2. Fro:

Am Kader vum EUBG 2018 si 9 DINGOen am Asaz. Fir d'VJTF 2019 (déi awer schonns 2018 an der Stand-up-Trainingsphas ass) sinn am Ganzen 21 DINGOen am Gebrauch.

Donieft sinn awer och DINGOe fir Trainingszwecker an den Unitéiten affektéiert, dorënner och d'Fahrschoul.

De Moment läit den Operationalitéits-Taux vun den DINGO-Ween ëm déi 45%. Dat ass dorop zeréckzeféieren dass déi héich sophistiquéiert Waffesystemer, déi ee grousse Bestanddeel vum Won ausmaachen, engem opwennege Maintenanceprogramm nokomme mussen an zousätzlech, an der Tëschenzäit, verschiddenen Obsolescencen ausgesat sinn. Dat heescht dass verschidde Komponente vun de PRV-Waffesystemer net méi vun den Hiersteller ënnerstëtzt ginn, mat dem Resultat dass d'Arméi keng Ersatzstécker fir dat betraffent Material geliwwert kritt.

Deemno schaffe mir un der Modernisatioun (mid-life upgrade) vun den DINGOen, fir se op de leschten equipements- a sécherheetstechnesche Stand ze bréngen. Dofir hu mer bei der NSPA (NATO Support and Procurement Agency mat Sëtz zu Capellen) a beim Constructeur eng "pre-design"-Etude an Optrag ginn a loossen e Cahier des charges ausschaffen. Am éischte Semester 2019 kann den Optrag fir d'Modernisatioun vun de Ween ulafen, sou dass mer vun 2023 un e moderniséierten DINGO-Park hätten. En dozougehéierende Service-Kontrakt (e sougenannte "Service Level Agreement") garantéiert, eng permanent Operationalitéit

vun op d'mannst 70%. Wärend der Entwécklungsphas gëtt och e Prototyp entwéckelt, deen et erlaabt virun der Serieproduktioun sécherzestellen, dass onse militäreschen Ufuerderungen och Rechnung gedroen gouf.

Zur 3. Fro:

Fir dem Haaptproblem vun der Obsolescence aus dem Wee ze goen, wäerten sech an Zukunft d'Acquisitiounen oder Modernisatioune vum Charroi a multinational Programmer aschreiwen. Esou kënne mer eis Uschafungen an Aklang brénge mat gréissere Partnernatiounen, wat de Virdeel huet, dass mer eng ëmmer besser Interoperabilitéit kréien an op d'logistesch Ënnerstëtzung vun de Partnernatiounen oder vun internationalen Agencen (z.B. NSPA) zeréckgräife kënnen. Esou multinational Programmer hunn och de Virdeel, dass dat selwecht Material a grousser Stéckzuel (em déi 3.000 Ween) a verschiddene Länner benotzt gëtt an dofir garantéiert d'Industrie, dass déi Equipementer iwwert eng länger Zäit (mindestens bis 2035) technesch ënnerstëtzt ginn.

Desweidere wäerte mer an Zukunft bei enger neier Uschafung och direkt ee „Service Level Agreement" mat virgesinn, sou dass mer eng Garantie vun der Industrie hunn, dass eng am Virfeld fixéiert minimal Operationalitéit agehale gëtt.